Entente des Gestionnaires des Maisons de Jeunes

Europäescht Parlament Büro zu Lëtzebuerg

ZpB Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung

Sensibilisatioun fir d'EU-Walen a fir d'Liewen als Jugendlëchen an der Europäescher Unioun

Formatioun fir Jugendaarbechterinnen a Jugendaarbechter a Jugendstrukturen

Beschreiwung :

D'Europawale fannen de 26. Mee 2019 statt an all EU-Bierger ass gebieden, am Kader vum demokrateschen Zesummeliewen, seng Stëmm ofzeginn. Fir all de Leit ab 18 Joer, déi a Lëtzebuerg wunnen, den Accès heizou z'erméiglechen, ass et erfuerderlech am Fall vun net lëtzebuergescher Nationalitéit, sech an d'Wallëscht anzedroen.

Besonnesch Jonker sinn heimat iwwerfuerdert a ganz dacks gesinn Net-Lëtzebuerger wéi och Lëtzebuerger de Sënn net an, fir iwwerhaapt wielen ze goen. Dat gëtt thematesch an dëser Formatioun opgegraff an d'Jugendaarbechterinnen a Jugendaarbechter kréien niewent villen Informatiounen iwwer d'Walen och eng Rei Outil'en a Methoude vermëttelt, fir mat hirer spezifescher Zilgrupp heizou ze schaffen.

Participant'en un dëser Formatioun kënnen herno als Multiplikateur mat de Jonken Aktivitéite maachen, bei deenen si mat hinnen iwwer Europa an den europäeschen Impakt op hirt alldeeglecht Liewen an en Austausch kommen.

Datum :

5. & 6. Februar 2019 (Dënschdeg a Mëttwoch)

9:30 – 12:00

Wou :

Maison de l'Europe, 7 rue du Marché-aux-Herbes, 1728 Luxembourg (niewent dem Palais grand-ducal)

Organisateuren / Partenariat :

- Entente des Gestionnaires des Maisons de Jeunes a.s.b.l.
- Büro vum EU Parlament a Lëtzebuerg
- Zentrum fir politesch Bildung

Sprooch :

lëtzebuergesch

Aschreiwung :

✉ FormatiounEU@egmj.lu

No der Aschreiwung kritt all Participant zur Virbereedung ee klénge Questionnaire geschéckt, fir a sengem Jugendhaus / senger Jugendstruktur mat de Jonken duerchzegoen.

Dëse Questionnaire sollt wa méiglech bis de 25. Januar 2019 un d'EGMJ per Mail, Post oder Fax zeréck geschéckt ginn.